D'Resultat vum Vott ass: 54 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, 5 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 54 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marc Lies), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Stéphanie Weydert), Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Ben Polidori) et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 11. 8452 – Projet de loi portant reclassement de certains membres du cadre policier de la Police grand-ducale et de l'Inspection générale de la police au groupe de traitement B1 et modifiant la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Mir kommen dann elo zum nächste Punkt vun haut de Mëtten, dem Projet de loi 8452 iwwert de Reklassement vu verschiddene Membere vun der Police an de Groupe de traitement B1. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno d'selwecht wéi beim Projet virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gusty Graas, den Här Dan Biancalana, den Här Tom Weidig, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet 8452 maache mer enfin d'Valorisatioun vun den Diplomer, déi Agente vun der Police an der Inspection générale de la police hunn, a reklasséieren déi concernéiert Agenten an den Traitementsgrupp B1.

Bis ewell kréien eng ronn 400 Agenten, déi vun dëser Ännerung betraff sinn, hire Premièresdiplom oder den unerkannten equivalenten Diplom net ugerechent. Mat dësem Projet soll dës Inegalitéit endlech opgehuewe ginn an d'Agente kréien d'Méiglechkeet, an den Traitementsgrupp B1 reklasséiert ze ginn, dee se jo vun hirem Diplom hier zënter dem neie Policegesetz vun 2018 och zegutt hunn. Dëst gëllt also fir all déi, déi am Moment vum Akraafttriede vum ofgeännerte Policegesetz, also den 1. August 2018, engersäits schonn am Déngscht waren an zweetens en Ofschlossdiplom aus dem Secondaire oder den Equivalent dovunner haten.

D'Fro vum Reklassement geet och op en Arrêt vum Verfassungsgeriicht vum 9. Dezember 2022 souwéi op Arrête vun der Cour administrative aus de Joren 2022 an 2023 zréck. Den temporäre Mechanismus, fir d'Karriär ze wiesselen, déi sougenannt „Voie expresse", aus dem Policegesetz ass vum Verwaltungsgeriicht (veuillez lire: Verfassungsgeriicht) nämlech contraire zur Gläichheet virum Gesetz deklaréiert ginn, well se Persounen, déi an ënnerschiddleche Situatioune sinn, d'nämmlecht traitéiert.

Et gëtt engersäits Agenten, déi sengerzäit op den 1. August 2018 schonn déi néideg Diplomer haten, fir direkt an d'Karriär B1 ze kommen, an anerersäits déi, déi kee Premièresdiplom haten an iwwert d'Anciennetéit ënnert de Bedingunge vum Artikel 94 vum Policegesetz vun der Karriär C1 an d'Karriär B1 konnte kommen. Den Artikel 94, dee vum Verfassungsgeriicht fir verfassungswiddreg erkläert gouf, gesäit awer fir all Agent am Traitementsgrupp B1 (veuillez lire: C1) déi selwecht Konditioune vir, fir vum Traitementsgrupp C1 an de B1 ze wiesselen, egal ob den Agent den Diplom huet oder net.

Ënnert der Voie expresse mussen all d'Agenten en Travail personnel de réflexion schreiwe fir ze wiesselen. Dëst ass eng onnéideg Hürd fir déi Agenten, déi schonn e Premièresdiplom zu deem Zäitpunkt haten, esou d'Verwaltungsgeriicht a sengem Arrêt vun 2022, an et huet dës Fro iwwert de Mechanismus vun der Voie expresse un d'Verfassungsgeriicht weidergínn.

Et muss ee wëssen, datt mam Gesetz vum 18. Juli 2018 e ganz neie Wee ageschloe gouf, andeems d'Ausbildung, also den Ofschloss vun engem Premièresdiplom, entscheedend ass fir d'Klasséierung vun neie Beamten, déi nom 1. August 2018 agestallt goufen. Laut dem Verfassungsgeriicht ass et soumat net logesch, datt beim provisoresche Mechanismus vun der Voie expresse virun allem d'Beruffserfarung zielt an d'Ausbildung kaum berécksiichtegt gëtt. Dës Manéier ass weeder sënnvoll ze erklären nach ubruecht oder fair am Verglach mam Zil, dat domat verfollegt gëtt.

Déi viregt Regierung wollt scho mam Gesetzesprojet 8274, deen am Juli 2023 – also am Nachgang op déi verschidden Arrêten, déi ech virdrun ernimmt hat – deposéiert gouf, nobesseren. Dëse Gesetzesprojet huet awer net all deene Problematiken adequat Rechnung gedroen, déi d'Verfassungsgeriicht souwéi d'Verwaltungsgeriicht an hiren Arrêten opgeworf hunn, well eng Ëmklasséierung vun de betraffenen Agenten net virgesi war. Des Weideren haten déi fréier Deputéiert Fernand Kartheiser a Léon Gloden alle béid och schonn hir Gesetzesproposen deposéiert. Awer dës allen dräi goufen zréckgezunn.

Elo zum Detail vun dësem Gesetzesprojet 8452:

Den Artikel 1 schaaft de Mechanismus, ënnert deem d'Agente vun der Police souwéi déi vun der Inspection générale de la police reklasséiert kënne ginn. En erméiglecht et de concernéierten Agenten, déi aktuell am Traitementsgrupp C1 sinn (veuillez lire: déi zum 1. August 2018 am Traitementsgrupp C1 waren) an déi den 1. August 2018 schonn am Besëtz vun engem Premièresdiplom oder engem equivalenten Diplom waren, an den Traitementsgrupp B1 ëmklasséiert ze ginn.

Des Weidere preziséiert dësen Artikel déi dräi Konditiounen, déi heifir mam Stéchdatum op den 1. August 2018 mussen alleguer vum concernéierten Agent erfëllt sinn: éischtens, dass en eng definitiv Nominatioun am Traitementsgrupp C1 hat; zweetens, dass en am Déngscht, am Congé de maternité, Congé parental, Congé sans traitement bei der Police oder am Detachement bei enger anerer staatlecher Verwaltung, der Maison du Grand-Duc oder engem internationalen Organismus muss sinn; an drëttens, dass en am Besëtz vun engem Premièresdiplom oder engem als equivalent unerkannten Diplom muss sinn.

Fir an de Genoss vun der Ëmklasséierung ze kommen, muss all Agent seng schrëftlech Demande beim Interieursminister bannent dräi Méint nom Akraafttriede vun deem Gesetz, wat mer haut stëmme wäerten, stellen.

Den Artikel 2 gesäit e retroaktiven Effekt vun dëser Ëmklasséierung op den 1. August 2018 vir a leet dann och d'Modalitéite fest, wéi och de Grad, an deem d'Reklasséierung geschitt.

Den Artikel 3 erméiglecht den Agente vun der Police, déi am Delai vun der Voie expresse ënnert dem Artikel 94 vum Policegesetz Gebrauch gemaach hunn, dann och hir Nominatioun an de Grupp B1 retroaktiv op den 1. Dezember 2023 ze kréien.

Den Artikel 4 erméiglecht den Agenten, déi iwwert d'Voie expresse hiren Traitementsgrupp gewiesselt hunn, dann och retroaktiv Avancementer an de Graden ze hunn.

Des Weidere gesäit de Gesetzesprojet Ännerungen un den Artikele 77 a 94 vum Policegesetz vir, fir den temporäre Mechanismus vun der Voie expresse vum Changement vum Traitementsgrupp unzepassen an dës esou konform zur Verfassung ze maachen. De Staatsrot hat hei suggeréiert, sech um Artikel 121 vum Arméisgesetz ze orientéiere fir den neie Mechanismus, deen d'Police betrëfft. Deen Dispositif mécht notamment en Ënnerscheed tëscht de Kandidaten, déi am Traitementsgrupp C1 klasséiert sinn an e Premièresdiplom hunn op den 1. August 2018, an deenen, déi dësen Diplom zu deem Zäitpunkt net haten. D'Interieurskommissioun ass där Suggestioun nokomm a mir hunn den Artikel 94 esou ugepasst.

Dat neit Gesetz bréngt natierlech och e Käschtepunkt fir eise Staatsbudget mat sech. Et ass dovun auszegoen, datt déi retroaktiv Ëmklasséierung op den 1. August 2018 bis den 31. Dezember 2023 vun de concernéierten Agente sech op ongeféier 42,5 Millioune wäert belafen. De järleche Surplus vum Reklassement wäert sech op ongeféier 9,2 Milliounen Euro belafen.

Dëse Gesetzesprojet gouf zesummen an am Konsens mat der Police, der IGP an de Policegewerkschaften ausgeschafft.

Bei den Avise begréisst d'Association du personnel issu de la carrière B1 de l'Inspection générale de la police dës proposéiert Ännerung, freet awer méi Explikatiounen zu der Demande, déi d'Agente beim CGPO musse stellen, a fënnt, dass och all d'Agente missten ausgerechent kréien, ob déi Demande fir si favorabel wär oder net.

D'Association du personnel policier détenteur d'un diplôme de fin d'études secondaires de la Police grand-ducale begréisst den Dispositif vum Text och, huet awer seng Bedenken, wat d'Distinctioun ugeet, déi gemaach gëtt, wéini ee säin Diplom kritt huet. Dës Gewerkschaft freet deemno eng Uniformisatioun

vun der Method fir d'Fixatioun vun de Graden, egal wéini een den Diplom kritt huet. Weiderhi bedauert si, dass d'Volontairen an déi, déi den 1. August 2018 an der Policeschoul waren, vum Prozess vum Reklassement ausgeschloss sinn. Bei deenen aneren Administratioune kënnen d'Stagiairen nämlech och vun dëse Mesüre profitéieren.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begréisst de Projet, monéiert awer e gewëssene Manktum u Kohärenz. Et misst een d'Valorisatioun vun den Diplomer laut dëser Chamber op all concernéiert Kategorien ausweiden, fir esou Inegalitéiten tëschent de Fonctionnairen ze behiewen. An hirem Avis complémentaire weise si sech awer erfreet driwwer, dass sech d'Auteuren um Artikel 121 vum Arméisgesetz inspiréiert hunn.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis zwou formell Oppositioune formuléiert an e stellt och den exceptionnelle Charakter vum Reklassement fest. E mengt, dass vill Agente vill léiwer fir d'Voie expresse géingen optéieren, och wann déi säit dem Arrêt vun der Cour constitutionnelle net méi méiglech ass. A sengem Avis complémentaire ass de Staatsrot dann d'accord, fir déi zwou Oppositiounen opzehiewen, awer formuléiert eng nei iwwert d'Insécurité juridique vum Term „entité étatique". Am iwwerschaffte Gesetzesprojet gouf den Avise vum Staatsrot Rechnung gedroen.

De schrëftleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet gouf den 11. Juni an der Interieurskommissioun ugeholl. A fir weider Detailer verweisen ech op dëse Rapport.

***Discussion générale***

Här President, de Gesetzesprojet 8452, iwwert dee mir haut hei schwätzen, geet op eng Situatioun zréck, déi zënter Längerem fir Onkloerheet gesuergt huet, besonnesch am Kontext vun de Karriären an der Police. Et geet ëm ronn 400 Policebeamten, déi schonn zanter 2018 definitiv agestallt sinn an zäitgläich déi néideg Diplomer haten, fir an d'Karriär B1 ze kommen. Trotzdeem konnte si net direkt an och net automatesch vun deenen neie Begeebenheete profitéieren, déi deemools duerch d'Policegesetz agefouert goufen.

D'Lëtzebuerger Verfassungsgeriicht huet am Dezember 2022 den Artikel 94 vum Policegesetz, deen eigentlech just op d'Anciennetéit vum Agent gemënzt ass, als net konform mat der Verfassung bewäert. Domat war kloer, dass um gesetzleche Plang misst nogebessert ginn.

D'viregt Regierung hat mam Gesetzesprojet 8274 scho versicht, dës Situatioun nom Urteel vum Verfassungsgeriicht ze redresséieren. Allerdéngs ass se net esou wäit gaang wéi dës Majoritéit. De fréiere Projet hat virgesinn, d'Konditioune fir den Accès an d'Voie expresse ze modifizéieren, soudatt se am Aklang mat eiser Verfassung sinn, an dat och op deen Datum, op deem dat neit Policegesetz a Kraaft trëtt, awer ouni de Reklassement vun de concernéierten Agenten.

Den haitegen Inneminister Léon Gloden – an ech hat et och schonn op mengem Rapport gesot –, dee fréier Deputéierten hei war, hat am Juli 2023 schonn eng Gesetzespropos an d'Chamber abruecht, fir dës Ongerechtegkeet, déi mam Policegesetz agefouert gouf, aus dem Wee ze raumen. Dës Fuerderung huet sech och am Walprogramm vun der CSV erëmfonnt an ass am Regierungsprogramm verankert. Hei steet: „Une analyse approfondie de toutes les carrières au sein de la Police grand-ducale sera effectuée. L'objectif est notamment de respecter les récents arrêts de la Cour constitutionnelle et de la Cour administrative concernant les carrières B1 et C1." Versprach ass versprach! D'CSV hält Wuert.

De Projet, deen elo virläit, gesäit vir, dass déi concernéiert Agente retroaktiv op den 1. August 2018 an d'Karriär B1 kënne reklasséiert ginn – ouni zousätzlechen Examen an ouni Beschränkung, wéi vill Demanden dann iwwerhaapt kënnen ugeholl ginn. Domat gëtt déi onfair Hürd vum zousätzlechen Examen ofgeschaaft fir all déi, déi schonn am August 2018 d'Konditioune fir an d'Karriär B1 erfëllt hunn. Et ass eng kleng, awer eng ganz wichteg Korrektur, déi am Interessi vun enger fairer a gerechter Behandlung vun de Concernéierten ass.

Och begréisse mir, datt dëse Reklassement réckwierkend gëllt, soudass déi concernéiert Agente kee Verloscht doduerch hunn, datt se net scho vun Ufank u vun dësem Regimm konnte profitéieren.

Als CSV begréisse mir, datt mer déi Ongerechtegkeet haut endlech aus dem Wee kënne raumen. An och an Zukunft wäerte mir als CSV eis fir eng kloer, transparent a kohärent Karriärstruktur bei der Police an am Staatsdéngscht asetzen, dat besonnesch am Kader vun eiser Sécherheet, wou d'Erwaardungen un d'Agenten héich sinn.

Zum Schluss wëll ech betounen, dass mir eis bewosst sinn, datt dëse Projet och e finanziellen Impakt op eise Budget huet. Mee et ass och kloer: Dat mussen eis déi formidabel Aarbecht an den onermiddlechen Asaz wäert sinn, déi all Dag vun den Agente vun eiser Police am Déngscht vun eisem Land an am Déngscht vun eis all geleescht ginn.

Heimat ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun an ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert, och fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. „Ende gut, alles gut", kéint ee bal zu dësem Projet de loi soen. Ech mengen, déi Reklasséierungsproblematik vun deenen Agenten, iwwert déi mer elo hei diskutéieren, déi ass net nei. Déi ass schonn zënter Laangem bekannt, an zwar spéitstens zënter dem Gesetz vum 18. Juli 2018. Vill Opreegung gouf et, vill Interventioune gouf et, vill Frust gouf et bei enger Rei Agenten, jo, souguer och Roserei – wat een och novollzéie kann.

Et ass schonn hei gesot ginn: Et goufen och zwou Proposition-de-loien deposéiert, eng ënner anerem vum haitegen Inneminister. An ech mengen, et muss een och Verständnis hu fir déi Leit. Wann een an enger Karriär agestallt gëtt mat engem spezifeschen Diplom an et gëtt een awer dann ënnerbezuelt, dann ass een natierlech net ganz frou. Ech wëll awer direkt hei och betounen: Et si jo och eenzel Leit, déi heiansdo mengen, wa se an enger Karriär géingen agestallt gi mat engem spezifeschen Diplom, dee virgesinn ass, a se hätten awer méi en héijen Diplom, datt se dann och missten am Fong vun deem Avantage profitéieren. Dat kann natierlech net de Fall sinn.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi Philosophie fréier éischter de Fall war, wann eng Karriär geännert huet, datt och déi, déi e manner héijen Diplom haten, automatesch dervu profitéiert hunn. Wann ech elo hei esou duerch d'Reie kucken, ech weess net, wie weess nach eppes vum Fröbel? Dat ass scho ganz laang hier. Dat waren am Fong déi fréier Spillschoulsjofferen. Deemools sinn et nach keng Häre ginn, déi Spillschoul gehalen hunn. An do sinn zum Beispill – ech huelen dat elo als Beispill – déi, déi de Fröbel gemaach haten – ech mengen, dat war deemools eng Cinquième oder esou –, automatesch herno ëmmer adaptéiert ginn, wann d'Karriär am Fong geholl verbessert ginn ass. An dësem Fall war dat natierlech net de Fall. Dowéinst ass et nozevollzéien, datt déi Leit hei sech awer wärend Joren derfir agesat hunn.

Et sinn, wéi gesot, elo 400 Poliziste concernéiert. Dat ass net wéineg. Wéi gesot, och de Minister Kox hat schonn e Projet de loi deposéiert, deen awer net all deene Virgabe Rechnung gedroen huet, virun allem deene verschidden Arrêten. An ech wëll déi elo net méi weider hei nach eng Kéier zitéieren, well meng Virriednerin, d'Madamm Rapportrice, där ech Merci soe fir hir Rapporten, dat scho gemaach huet.

An dësem Projet de loi huet natierlech den Term „voie expresse" eng besonnesch Roll gespillt. An ech mengen, et ass jo grad op den Arrêt vun der Cour constitutionnelle zréckzeféieren, datt en eeben déi Modifikatioun krut. Ech wëll just nach eng Kéier drop hiweisen: D'Voie expresse insgesamt hu mer hei verlängert. Déi sollt jo den 30. September dëst Joer auslafen. Dat hu mer duerch de Projet de loi, dee mer elo kierzlech hei gestëmmt hunn, u sech elo fir fënnef weider Joer verlängert.

Iwwert d'Voie expresse kéint een och vill diskutéieren. Ech verstinn op där enger Manéier, datt Leit, déi en Diplom hunn, sech op eemol an där selwechter Karriär mat Leit erëmfannen, déi deen Diplom net hunn. Op där anerer Säit muss een awer och hei ënnersträichen, datt et awer och zum Virdeel vum Fonctionnement a vun der Effikassitéit vun enger Verwaltung ka bäidroen, wa Leit, déi schonn eng laangjäreg Beruffserfarung hunn, kënnen iwwert d'Voie expresse dann och an eng Karriär kommen, déi iwwer hirer de Moment läit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Retroaktivitéit vun dësem Gesetz geet jo zréck op den 1. August 2018. Ech fannen dat och eng ganz normal Saach. Wann, wéi gesot, awer elo deene Leit, déi reklasséiert ginn, hiert Gehalt bis dato dann awer nach ënnert deem läit, wat se am Fong geholl dee Moment elo zegutt hätten, da gëtt jo och elo sou laang eng Kompensatioun ausbezuelt, bis se op dem Niveau vun dem neie Gehalt ukomm sinn.

Da war jo och nach d'Diskussioun, datt déi Pensionéiert och nach missten dovunner profitéieren. Ech mengen awer, do géinge mer de Bou e bëssen iwwerspanen. Dat selwecht gëllt och fir eng Fuerderung, déi gestallt ginn ass fir Leit, déi e Changement d'administration gemaach hunn, datt déi och nach missten an de Genoss vun deem Reklassement hei kommen. Wéi gesot, alles, mengen ech, huet awer seng Grenzen. Et muss een awer och do ganz éierlech sinn.

Wat awer wichteg ass, dat ass, datt déi Concernéiert awer wierklech spéitstens vun haut un informéiert ginn, well si hunn u sech nëmmen dräi Méint Zäit. Si musse jo eng Demande maachen. A wann d'Gesetz dann en vigueur ass, dat wäert jo dann elo esou séier wéi méiglech geschéien, datt ee vläicht dann awer nach eng Kéier e Rappell mécht, datt déi Leit zumindest awer elo net deen Delai géinge verpassen.

Wéi gesot, ofschléissend: Ech mengen, hei gëtt eng Ongerechtegkeet aus der Welt geschaf. Mir als Demokratesch Partei stinn och hannert där Modifikatioun a mir kënnen deem Projet de loi hei nëmmen eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas. An da kritt den Här Dan Biancalana d'Wuert. Här Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn et jo schonn héieren: De Projet, iwwert dee mer haut effektiv ofstëmmen, reegelt nei Bestëmmungen an der Policekarriär. Mir hunn dee virleien. An et ass immens wichteg, well no ganz villen intensiven Diskussiounen finalement Rou an de Policecorps erakënnt an och besteeënd Barriäre retroaktiv opgehuewe ginn an, mengen ech, déi Logik inverséiert gëtt: D'Formatioun respektiv den Diplom steet elo am Virdergrond, wou et virdrun éischter dann d'Anciennetéit respektiv d'Beruffserfarung war. Dat ass gutt. Et gëtt elo kloer gereegelt. De Reklassement, mengen ech, ass wichteg fir déi, déi effektiv e Premièresdiplom hu respektiv eng Equivalenz hunn.

Mir wëssen awer och, dass am Gesetz vun 2018 erstmoleg d'B1-Karriär agefouert gouf, och an den Diskussiounen, déi deemools d'Regierung hat mat de Gewerkschaften an effektiv Leit aus dem Cadre policier respektiv vun der IGP, déi effektiv concernéiert waren, an och d'Voie expresse deementspriechend agefouert gouf. Ech ginn op dee Mechanismus net méi an, mee op alle Fall ass en Ënnerscheed entstanen tëschent deenen, déi en Diplom haten, an deenen, déi net de Premièresdiplom deementspriechend haten.

An deenen Arrêten, déi mer virleien hunn – 2022 vun der Cour administrative an och 2023 respektiv 2022 huet och d'Verfassungsgeriicht duerch eng Question préjudicielle, mir hunn et héieren, vun der Cour administrative en Urteel deementspriechend ginn –, war de constitutionnelle Prinzipp vun der Gläichheet virum Gesetz, mengen ech, ganz kloer hei effektiv am Vierdergrond. An ech mengen, et muss ee ganz kloer soen, dass duerch dës Arrêten och en neie Moment entstanen ass, och eng nei Dynamik an effektiv jo och en neien Handlungsbedarf bestanen huet an d'Cour constitutionnelle och ganz kloer an hirem Arrêt gesot huet: „Wann een eppes muss maachen, da muss een um legislative Plang och deementspriechend nobesseren."

Ech mengen, duerch déi ganz Envergure hei vum Gesetz, fir effektiv nozebesseren, bon, falen effektiv d'Pensionnairen eraus, wat e bësse schued ass, mee awer och verständlech. An ech hat an der Kommissioun d'Fro gestallt, firwat déi 86 Volontaires de police, déi effektiv op den 1. August 2018 an der Policeschoul waren, hei an der legislativer Nobesserung net a Betruecht geholl ginn. Et kann een awer d'Erklärungen, déi mer an der Kommissioun kritt hunn, respektiv och am Avis vum Staatsrot noliesen, dass déi an engem komplett anere Statutt ware wéi déi, déi nomméiert ware säit dem 1. August 2018, an duerfir effektiv hei net betraff sinn.

Mir begréissen als LSAP dëse Projet, well en och deementspriechend eng propper Reegelung bréngt, eng Valorisatioun an och, ech mengen, eng Léisung fir d'Situatioun mat sech bréngt, dass eng ganz Rei Polizisten, nodeems effektiv och d'Verfassungsgeriicht jo d'Question préjudicielle tranchéiert huet, on hold waren an net woussten, wéi et mat hinne géif weidergoen. An dat huet och fir – a jiddweree war sécher a Kontakt mat Polizisten – eng ganz Rei Frustratiounen, wéi gesot, gesuergt. Et gëtt also och hei deementspriechend erëm en Equiliber hiergestallt. An dat ass wichteg, well et däerf een awer net vergiessen – nieft der Karriär, déi mer elo hei nobesseren an och aneschters reegelen –, dass d'Police am Alldag, mengen ech, eng ganz komplex a villschichteg Aufgab mécht an dass sécherlech och dëse Projet ganz sécher zu enger verbesserter Aarbechtsmoral an der Police selwer ka bäidroen, zu manner Spannungen, déi awer bis elo present waren, an och zu enger grousser Zefriddenheet innerhalb vun der Police an och zu engem besseren Zesummeschaffen tëschent deene verschiddene Polizisten, déi an den eenzelne Karriären och deementspriechend sinn, an och iwwert deen dote Wee besser Perspektiven esou geschafe ginn. Dat ass positiv, an dofir droe mer als LSAP dëse Projet mat.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Biancalana. Da kritt den Här Tom Weidig d'Wuert. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, et ass scho villes gesot ginn zu den Detailer vum Reklassement. Mir wäerten dat matstëmmen.

Dëse Projet de loi 8452 soll verschidden Ongläichheeten, déi entstane sinn no der Modifikatioun vum Gesetz vum 18. Juli 2018, behiewen, Ongläichheeten, déi och d'Verfassungsgeriicht an d'Verwaltungsgeriicht an hire Geriichtsurteeler festgestallt hunn.

Concernéiert si Fonctionnaires de police, déi eng Première oder eng Equivalenz vun dëser scho virun dem 1. August 2018 haten. Hei soll also eng verdéngte Valorisatioun vun den Diplomer virgeholl ginn. No vill Hin an Hier an dësem Dossier hu mir elo endlech eng konkreet Léisung virleien, déi gerecht soll sinn. An dat ass ze begréissen an eng gutt Saach.

Ech wëll awer drun erënneren, datt d'ADR schonn am Juni 2022 d'Proposition de loi 8024 duerch de Fernand Kartheiser eragereecht hat, déi op en Deel vun där Problematik opmierksam gemaach huet. Et ass ze bedaueren, datt et elo awer dräi Joer gedauert huet, bis se déi néideg Ënnerstëtzung kritt huet.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Weidig. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Meris Sehovic. Här Sehovic, Dir hutt d'Wuert.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat allermeeschten ass scho gesot, an dowéinst wäert ech mech kuerzfaassen. Mir stëmmen dem virleiende Projet de loi zou, ausdrécklech, well en éischtens Ännerungen un der legaler Basis bréngt, déi no Jurisprudenz aus de Joren 2022 an 2023 noutwendeg gi sinn, a well en, zweetens, eng Ongläichbehandlung aus der Welt schaaft, déi mer eigentlech zënter der Reform vun 2018 hunn. An dowéinst ënnerstëtze mer de Projet a wäerten e matstëmmen.

Ech mengen, an dat ass och ugeklongen, d'Regierung huet hei de Choix geholl, fir sech wierklech, sou wéi se dat am Koalitiounsaccord och annoncéiert huet, eigentlech konform ze setze par rapport zu den Urteeler. Dat ass eng gewësse minimalistesch Ëmsetzung, mengen ech, vun deem, wat gebraucht war. Et ass ugeschwat ginn: E klenge Bemoll bleift, mengen ech, par rapport zu de Volontaires de police, déi hei am Endeffekt, obwuel se déi selwecht Qualifikatiounen hunn, obwuel se déi selwecht Kompetenzen hunn – an de Promotiounsjoergäng 2018, 2019, 2020 schwätze mir do awer vu ronn 90 Leit –, net wäerten an de Genoss kommen heivunner. Bon, wéi gesot, dat ass e klenge Bemoll, dee mer bedaueren. Mee awer ganz grondsätzlech kënne mer hei zoustëmmen a soe Merci fir deen heite Projet de loi.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Sehovic. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dat Ganzt kënnt mer e bësse vir wéi en amerikanesche Film, deen zwar en Happy End huet, awer dertëschent waren e puer Drame mat dran. Also, et ass elo schéin, an de Rieden hei ze héieren, wéi dat e bësse rosarout verzielt ginn ass. Ech erënnere mech awer an deene Joren, dass dat net esou war. An effektiv war et deemools an der Kommissioun, wou oft dat Theema genannt ginn ass, an et war och deemools den Deputéierte Gloden, deen dat textuell du festgehalen huet. A mir haten et oft an den Diskussiounen an de Kommissiounen an et ass wéineg Géigeléift komm. Dat muss een awer och transparenterweis soen. Et ass wéineg Géigeléift komm an et sinn immens vill Polizistinnen a Polizisten, déi onzefridde waren. Mir schwätzen hei vu ronn 400 Leit.

An dat war eeben e System, deen net konnt esou weidergefouert ginn. Obwuel d'Verwaltungsgeriicht de Poliziste Recht ginn huet, konnt net fir eng schnell Léisung gesuergt ginn, wat deemools d'Oppositioun ausdrécklech bedauert huet. An dofir kann ech den Här Gloden just dofir luewen, dass en elo als Inneminister dat ëmgesat huet, wat deemools leider an der Oppositioun net méiglech war.

A wann ech haut héieren, dass d'ADR drop pocht, dass si en Text eraginn hunn, da gehéiert do awer éierlecherweis derzou, dass deemools eng Gewerkschaft deen Text geschriwwen huet an déi Gewerkschaft net frou war, wéi Dir en eraginn hutt. Dat gehéiert éierlecherweis och derzou. Dir hutt deen Text nämlech net geschriwwen. Den Här Gloden hat wéinstens nach selwer en Text geschriwwen a sech selwer Gedanke gemaach, wéi een dat kéint realiséieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat heiten ass e Gesetz, wat immens wichteg ass fir d'Polizisten um Terrain, well et ass e Message vun der Politick, dass mer hannert eisem Policecorps stinn. An dat ass och dat, wat ënnert dëser Regierung gewiesselt huet: Dës Regierung an och d'Chamber wäerte weiderhin, hoffen ech, e klore Message ginn, dass mer hannert de Beamten um Terrain stinn, well si brauchen et all Dag a si setze sech all Dag der Gefor aus. Mir wäerten dëse Projet och matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech kann et wierklech ganz kuerz maachen, well alles gesot ginn ass, wat et zu dësem Projet ze soe gëtt. Hei gëtt eng Ongerechtegkeet endlech, endlech aus der Welt geschaaft. An duerfir wäert dëse Projet och eis Zoustëmmung fannen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner dann ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Inneminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Léon Gloden,** Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. A merci och fir deen Accord iwwert d'Parteigrenzen hei eraus. Et weist, datt d'Chamber, datt d'Regierung kloer hannert der Police steet.

Dir wësst, ech ginn net midd, et ze widderhuelen: Eng modern Police berout op dräi Pilieren: gutt Personal, modernt Ekipement a modern Infrastrukturen. An haut hei hëlt d'Chamber eng Decisioun am Kader

vum gudde Personal, well hei gëtt, wéi et scho gesot ginn ass, eng Ongerechtegkeet opgehuewen, déi säit Jore bekannt ass.

An et ass och wichteg – dat wëll ech och eng Kéier ganz kloer soen –, datt, wann en Urteel vun engem Verfassungsgeriicht do ass, dat och muss Konsequenze kréien. Mir kenne vill Domänen oder eng Rei Domänen, wou dat net ëmmer de Fall ass. Duerfir ass et och wichteg, datt hei den éischte Pouvoir déi do Decisioun hëlt.

Ech wëll elo net erëm op de ganze Passé zréckgoen. Ech ka just soen: D'Regierung hält Wuert. Iwwer 400 Polizistinnen a Poliziste kommen an de Genoss vun där Opwäertung vun der Karriär C1 an de B1. A jo, och am Dialogue social mat de Gewerkschafte konnten eng ganz Rei Detailer gereegelt ginn, well eeben, an dat ass ganz wichteg, de Polizist/d'Polizistin d'Méiglechkeet kritt, eng Demande ze maachen, an da wierklech virgerechent kritt: Wat ass de Virdeel vun der Voie expresse oder wat ass eeben de Virdeel, wann ech vum C1 an de B1 kommen?

Jo, et ass eng Unerkennung vun der Aarbecht vun de Polizisten a Polizistinnen. Et ass awer natierlech och eng Unerkennung vun dem Premièresdiplom an dësem spezifesche Fall, well, wéi gesot, d'Verfassungsgeriicht och ganz kloer gesot huet, datt dat eng Ongerechtegkeet virum Gesetz ass. Iwwer 400 Agente kommen elo an de Genoss vun där Opwäertung. Jo, dat huet e gewëssene Präis, mee dat ass och – dat soen ech ganz kloer – de Präis, fir e gudden, motivéierte Corps vun der Police ze hunn.

An ech schléisse mech deem Merci un, deen hei vun alle Parteie gesot ginn ass un déi, déi sech dagdeeglech fir d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun eis alleguer asetzen. Mir hu se gëschter beklatscht. Bei der Parad vun Nationalfeierdag konnte mer gesinn, wéi gutt se trainéiert sinn, forméiert sinn. Adequat Material ass virgefouert ginn. An d'Police ass e wichtege Pilier vum Rechtsstaat. An haut soen d'Regierung an d'Chamber – an ech si frou, datt dat jiddwereen hei gesot huet – hinne Merci, andeem dës Reform gestëmmt gëtt.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

An éier mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi kommen, wëll ech soen, datt mer elo just gemellt ginn ass, datt sechs Ecranen net géinge fonctionéieren. Dat heescht an anere Wierder, datt och d'Stëmmanlag net géing fonctionéieren, soudatt ech géing proposéieren, datt mer et esou géinge maachen, datt déi, wou den Ecran fonctionéiert, géingen um Ecran ofstëmmen. An da maache mer en Appel nominal fir déi, wou den Ecran net fonctionéiert, fir datt dat och alles richteg an nominell richteg enregistréiert gëtt.

Kënnt Der mer just soen, wiem säin Ecran net fonctionéiert? Dem Här Zeimet säin, dem Här Bauer säin, dem Här Schaaf säin, der Madamm Morgenthaler hiren an dem Här Weiler säin.

*(Brouhaha)*

Elo hunn ech fënnef Leit. Ass dat richteg?

*(Assentiment)*

Gutt. Ok. Majo, da maache mer déi, wann Der d'accord sidd, mat Appel nominal no. Ech géing dann och bieden, datt weeder fir den Här Zeimet nach fir den Här Bauer nach fir den Här Schaaf nach fir d'Madamm Morgenthaler nach fir den Här Weiler ee vun der CSV mat Procuratioun géing matstëmmen, fir datt mer dat och richteg enregistréiert kréien, well mer déi da mat Appel nominal duerno maachen. Dat also als Klarifizéierung zur Prozedur.

Da géing ech elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8452 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8452[8].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8452 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An domat schléissen ech dann dëse Vott of. A mir géingen nach den Appel nominal derbäihuelen.

*(Appel nominal de 5 députés en raison d'un problème technique)*

An d'Resultat vum Vott ass also alles zesummegezielt: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Spautz), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Barbara Agostino), Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt (par Mme Taina Bofferding), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 12. 8529 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Käerjeng et la Commune de Pétange

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. An Zwëschenzäit probéiere mer och, ob mer déi Ecranen erëm un d'Fonctionéiere kréien. Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 8529 iwwert d'Ännerung vun de Grenzen tëschent der Käerjenger an der Péitenger Gemeng.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Claude Wiseler,** Président | D'Riedezäit ass e Basismodell. Dir kennt de Basismodell. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Michel Wolter, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Claude Wiseler,** Président | ... den Här Luc Emering, den Här Dan Biancalana, den Här Tom Weidig, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer, mam Gesetzesentworf 8529 sollen d'Grenzen tëschent de Gemenge Käerjeng a Péiteng geännert ginn.

D'Haaptzil ass et, ongläich Opdeelungen tëschent deenen zwou Gemengen ofzeschafen, wéi zum Beispill d'Grenz an der Avenue de l'Europe, déi an Zukunft soll an der Mëtt vun der Strooss verlafen. Och déi verschidden Aufgaben, déi eng Gemeng an enger Strooss huet, wéi d'Sécherheet, den Ënnerhalt an d'Gestioun vun den Infrastrukturen, sollen an Zukunft ganz op déi Gemeng zeréckgefouert kënne ginn, zu där d'Strooss gehéiert. Dofir sollen an Zukunft d'Rue de la Piscine an d'Rue Jacques Chauvin ganz zu Péiteng an d'Rue Jules Hemmer an d'Rue des Ateliers ganz zu der Gemeng Käerjeng gehéieren.

Et gëtt nach zwee konkreet Beispiller, duerch déi skurrill Situatioune behuewe ginn. Sou leien d'Tennisterraine vum Tennis Club Péiteng aktuell deelweis um Gebitt vun der Gemeng Käerjeng. Dëst wäert an Zukunft net méi de Fall sinn an de ganze Site vum Tennisclub vu Péiteng wäert och an dëser Gemeng leien. Donieft soll sech och de ganze Site vun der CFL technics SA an Zukunft um Gebitt vun der Gemeng Käerjeng befannen.

Et ginn och eng Rei Terraine getosch, awer net grad eent zu eent. Den Detail zu den Terrainen, déi getosch ginn, fannt Der a mengem schrëftleche Bericht. Insgesamt wäert d'Gemeng Péiteng eppes Klenges méi wéi dräi Hektar méi kréien.

Zum Werdegang vun dësem Gesetzesentworf sief Follgendes gesot: Dës Ännerunge sinn Enn d'lescht Joer vun de Gemengeréit vun deenen zwou betraffene Gemengen duerch eng Ofstëmmung an d'Weeër geleet ginn. An den Inneminister Léon Gloden huet de Gesetzesentworf den 22. Abrëll deponéiert.

A punkto Avise gouf et nëmmen dee vum Staatsrot, deen awer bis op e puer legistesch Bemierkunge keng weider Observatiounen hat. De Bericht ass den 11. Juni an der Kommissioun ugeholl ginn.

De Käerjenger Buergermeeschter wäert sech eng Freed draus maachen, Iech herno d'Positioun vun der CSV duerzeleeën.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Morgenthaler villmools Merci fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport a ginn dem éischten ageschriwwene Riedner d'Wuert. Dat ass den Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Michel Wolter** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versti jo Är Begeeschterung fir dëse Projet. An eigentlech geet et op en trauregt Event zréck. Den Ufankspunkt vun dësem Dossier, Dir kënnt Iech vläicht nach drun erënneren – an ech war selwer erstaunt, wéi ech dat haut um Internet nogekuckt hunn –, war, datt viru ronn, zimmlech genau op de Mount, zéng Joer, e klenge